

Question parlementaire n°4804

Responsabilité en matière de sécurité des infrastructures scolaires

Déposée par Goergen Marc

Date limite de réponse : 2026-10-24

Déclarée recevable le 2026-09-24

Een Artikel am WORT vum 13te Juli huet Accidenter duerch onsécher Schoulinfrastrukturen thematiséiert an wéi déi Verantwortlech domadder ëmginn. No engem éischten Accident zu Consdorf 2022 duerch eng Schoulpaart, gouf et 2025 een weideren Accident mat der selwechter Paart, bei deem eng Schülerin eng schwéier Verletzung u senger Hand dovun gedroen huet a bis haut un de Konsequenzen dovun leidet.

D'Wort schreift:
"Der Gemeinderat befasste sich damals mit dem Unfall und die Verantwortlichen kamen zu dem Schluss, dass das Tor keine Gefahr darstelle. So steht es im Gemeinderatsbericht vom 3. Mai 2022: Der Vorfall sei gemeldet, das Tor aber bewusst nicht ausgetauscht worden. „Iser Meinung no bleift déi Paart wéi se ass“, lautete der Beschluss des Schöffenrats unter der damaligen Bürgermeisterin Edith Jeitz."

D'Paart gouf nom leschten Accident letztendlech ofmontéiert. Allerdings bleift d'Fro bestoen, wéi d'Sécherheitsanalyse 2022 zum bewusste Schluss koom, dass d'Paart sécher wier an net misst gewiesselt ginn. D'WORT schreift heizou weider am Artikel:
"Auf welcher Grundlage wurde das Tor nach dem ersten Unfall als unbedenklich eingestuft – und warum kam es drei Jahre später erneut zu einem Unfall?"

Froen:

1. Wien ass am Fall vun engem Accident duerch Schoulinfrastrukturen verantwortlech: d'Gemeng oder de Staat?
2. Ginn et national Recommandatiounen, Normen oder Kontrollprozedure fir d'Sécherheet vun de Schoulinfrastrukturen?
3. Huet d'Schoulpaart zu Consdorf all Recommandatiounen respektéiert a falls jo, firwat gouf d'Paart 2022 net ofmontéiert an 2025 dann dach?



Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro N° 4804 vum 24. September 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Responsabilité en matière de sécurité des infrastructures scolaires".

1. Wien ass am Fall vun engem Accident duerch Schoulinfrastrukturen verantwortlech: d'Gemeng oder de Staat?

Op der Basis vun den Artikelen 1382-1384 vum Code civil ass d'Gemeng responsabel fir Schied déi duerch Feeler an Noléissegkeeten entstinn sou wéi och duerch Objeten déi zu der Propriétéit vun der Gemeng gehéieren. Ausserdeem ass eng Gemeng op der Basis vum Gesetz vum 1. September 1988 iwwer d'Responsabilitéit vum Staat an den ëffentlech rechtlechen Kollektivitéiten responsabel fir all Schued deen duerch ee « *fonctionnement défectueux* » vu senger Servicer entsteet.

Wat déi europäesch Primärschoule betrëfft, sinn d'Schouldirektiounen fir d'Organisatioun, déi deeglech Gestéioun an de Fonctionnement vun de Schoulen zoustänneg. Fir d'Gebailechkeeten a baulech Infrastrukturen dréit de Propriétaire d'Verantwortung, an der Reegel de Staat iwwer seng zoustänneg Administratiounen.

2. Ginn et national Recommandatiounen, Normen oder Kontrollprozedure fir d'Sécherheet vun de Schoulinfrastrukturen?

D'Sécherheet vun de Schoulinfrastrukturen ass zu Lëtzebuerg duerch eng Rei vu nationale Virschrëften, Normen a Kontrollprozedure gereegelt. An der *Loi modifiée du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les administrations et services de l'Etat, dans les établissements publics et dans les écoles* an den entspreechenden Règlementen ass de Groussdeel vun den Exigencë a Punkto Secherheet virgesinn.

Besonnenesch gëllen awer och d'*Prescriptions de prévention incendie* vun der *Inspection du travail et des mines* (ITM), notament d'Instruktiounen ITM-SST 1501 (*Bâtiments bas*) an ITM-SST 1502 (*Bâtiments moyens*), déi Ufuerderungen un d'Konstruktioun, d'Evakuatiounsweeër, d'Noutbeliichtung, d'technesch Installatiounen, d'Feierbekämpfungsmëttelen an d'Kontrollprozedure festleeën.

Fir Strukturen, déi Kanner am schouleschen Alter empfänken, gëllt zousätzlech d'ITM-SST 1524 « *Structures d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés* », déi spezifesch Sécherheetsufuerderunge fir dës Gebaier virgesäit.

Doriwwer eraus sinn d'Virschrëfte vum *Corps grand-ducal d'incendie et de secours* (CGDIS) am Beräich vun der Brandpreventioun an den Asazweeër fir Rettungsdéngschter ze respektéieren. De CGDIS gëtt am Kader vu Bauprojeten an Autorisatiounsprozeduren Avisen of a kontrolléiert d'Konformitéit mat de Preventiounsvirschrëften.

Schliisslech ënnerleien déi technesch Installatiounen, wéi elektresch Installatiounen, Liften, Brandmeldesystemer oder Sécherheetsinstallatiounen, reegelméisseg gesetzlech virgeschriwwene



Kontrollen duerch agréiert Kontrollorganismen. Dës Kontrollen an d'Féierung vun engem Sécherheitsregister sinn an de genannten ITM-Virschräfte virgesinn.

3. Huet d'Schoulpaart zu Consdorf all Recommandatiounen respektéiert a falls jo, firwat gouf d'Paart 2022 net ofmontéiert an 2025 dann dach?

Aus dem Rapport vun der Gemengerotssëtzung vun der Gemeng Konsdref vum 3. Mee 2022 geet ervir, datt de Schäfferot am Zesummenhang mat engem änlechen Accident am Joer 2022 deklariert huet, datt un der betraffener Paart keen techneschen Defekt festgestallt gi wier.

Nom Accident am Joer 2025 huet de Schäfferot, wéi aus dem Rapport vun der Gemengerotssëtzung vun der Gemeng Konsdref vum 10. Februar 2026 ervirgeet, decidéiert, dës Paart „*pro forma*“ ze demontéieren an z'ersetzen.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN